N°2818
Entrée le 28.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Déi mental Gesondheet ass e Sujet, mat deem sech ëmmer nees beschäftegt gëtt. An deem Kontext gi Pläng ausgeschafft, wéi zum Beispill de *Plan national santé mentale 2024-2028* vun der aktueller Regierung oder deen, deen am Koalitiounsaccord 2018-2023 vun der viregter Regierung festgeschriwwe war.

Trotzdeem liest een ëmmer nees an de Medien, datt sech d'Liewenssituatioun vu betraffene Leit zu Lëtzebuerg verschlechtert – virun allem bei de Jonken. D'Ursaache kënne ganz ënnerschiddlech sinn, mee an eiser ëmmer méi digitaler Gesellschaft spillen déi sozial Medien eng grouss Roll. Biller a Messagen, déi do gedeelt ginn, hunn en Afloss op d'Mënschen.

An deem Zesummenhang muss ee feststellen, datt ëmmer méi sougenannt *Life Coaches*, déi sech selwer esou bezeechnen a probéieren de Leit Rotschléi oder Motivatioun mat op de Wee ze ginn, op de sozialen Netzwierker optauchen. Dëst geschitt awer net nëmmen am Internet, mee och am reale Liewen.

Besonnesch fir Mënschen, déi vulnerabel sinn oder déi grad en Déifschlag erlidden hunn, kënne sou *Life Coaches* eng reell Gefor fir d'mental Gesondheet duerstellen.

An deem Zesummenhang hu mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Aarbechtsminister:

1. Sinn Etüden hei zu Lëtzebuerg um Lafen oder geplangt, déi de potentiellen Impakt an déi domat verbonne Risike vun autoproklaméierte *Life Coaches* op déi mental Gesondheet vu Jonke wéi och vun Erwuessenen ënnersichen? Wann et schonn Donnéeë ginn, wat sinn hei d'Conclusiounen?
2. Sinn der Regierung konkret Fäll bekannt, bei deenen eenzel Persounen duerch *Life Coaches* op de soziale Medien oder am reale Liewe bedrunn oder ausgenotzt goufen?
3. Wéi ass d'Ausübung vum sougenannte Beruff *Life Coach* aktuell zu Lëtzebuerg gereegelt, a wéi vill Persoune sinn den Informatiounen no, déi der Regierung virleien, an dësem Beruff aktiv? Ass d'Regierung gewëllt, op nationalem Niveau Initiativen ze

ergräifen, fir eng Reglementéierung vun dësem Beruff an d'Weeër ze leeden? Wa jo, a wéi engem Zäitraum, a wéi wëll si do virgoen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Jeff Engelen
Deputéierten